Organisation non-gouvernementale (ONG)
agréée par le Ministère de la Coopération
et de l'Action humanitaire

# Action pour un Monde Uni



## Bulletin juin 2014

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 ▪ CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss ▪ L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 ▪ Fax: 23 67 63 75 ▪ www.amu.lu ▪ info@amu.lu



## Léif Frënn

- An deene leschte sechs Méint ass erëm immens vill geschafft ginn a mir si frou Iech kënne vu flotten Erliefnisser vun eise Projets-Visiten am Uruguay, an Tansania an an Argentinien z'erzielen. Während mir an Tansania den Ofschloss vum Projet „Maternité-Pédiatrie" konnte feieren hunn eis Frënn vun „Action Avenir Haïti" déi nei Schoul zu Port-au-Prince ageweit.
- Mëttlerweil hu mir och den Accord vum Ministère kritt fir eisen neie Projet vun der Maternité-Pédiatrie am Congo. An deem Kontext konnte mir virun e puer Wochen den Arthur zu Lëtzebuerg begréissen. Den Arthur ass Dokter a Responsablen am Centre Médical zu Kinshasa. Hien huet gesot, mat dem Projet vun der Maternité, géif fir hien e Liewensdram an Erfëllung goen.
- An dësem Bulletin fannt dir awer och e Resumé vun der Evaluatioun vun der AMU. Wéi mir Iech schonns matgedeelt hunn, léisst de Ministère all Joer eng Rei ONGë vun enger externer Firma evaluéieren. D'Evaluatioun ass mëttlerweil ofgeschloss, a mir si frou Iech vun dëser ustrengender awer ganz wertvoller Erfahrung z'erzielen.

Claude Metz
President



## Evaluatioun 2013

De Ministère des Affaires Étrangères (MAE) beoptragt all Joer eng extern Firma fir eng Rei ONGen z'evaluéieren. D'Zil vun esou enger Evaluatioun besteet doranner, fir z'iwwerpréiwen ob eng ONG esou opgestallt ass, dass si déi vum MAE cofinanzéiert Projeten efficace an effizient ëmsetze kann. Vun Abrëll bis November 2013 ass ënner anerem och d'„Action pour un Monde Uni" evaluéiert ginn.

**Esou eng Evaluatioun besteet am wesentlechen aus 3 Deeler:**

**a) Organisatioun a Struktur**

**b) Strategie a Fonctionnement**

**c) Visite vu Projet'en!**

Den Evaluateur huet sech fir d'alleréischt mam Conseil d'Administration getraff, fir d'Leit kennenzeléiren a fir ze verstoen, wat d'Motivatioun vu jidderengem ass, fir sech bei der AMU z'engagéieren. Si ware ganz interesséiert ze héieren, dass bei der AMU nieft dem Zil vun der Entwécklungshëllef och d'humanitär Werter an d'Art a Weis zesummenzeschaffen, jidderengem wichteg sinn. An deenen éischte Méint huet den Evaluateur sech mat der Organisatioun an de Strukturen vun der AMU beschäftegt. Dobäi ass ënner anerem gekuckt ginn, no wéienge Critère mir eis Projeten eraussichen, wéi mir Decisiounen huelen, a wéienger Form d'Réunioune vum CA stattfannen a wéi d'Aarbecht an d'Responsabilitéiten tëschent de Membere vum CA an de Mataarbechter am Büro organiséiert ass. Doriwwer eraus ass gekuckt ginn, wéi mir eis Partner an deene jeweilege Länner eraussichen a wéi mir eng Risikoaschätzung fir all Projet maachen. E ganz wichtegen Aspekt vun der Evaluatioun war och d'Gestioun vun de Finanzen; daat heescht wéi ginn Donen an d'Konfinanzementer vum MAE bei der AMU verbucht a wat sinn d'Kontrollmechanismen, fir d'Suen dann an de Projet z'iwwerweisen.

Déi lescht Etape war dann d'Visite vun dräi vun eise Projeten, notamment „Esperando Sueños" an Argentinien, de Solar-Projet an d'Maternité an Tansania. Den Evaluateur huet sech fir deen Zweck och lokal Ënnerstëtzung geholl. Hei ass et wichteg ze soen, dass des Visiten jeweils just eng Moment-Opnahm waren; dat heescht et ass gekuckt ginn ob d'Projete gemäss dem sougenannte Cadre logique dee mam MAE bei der Ufro vum Konfinanzement festgehaal gouf, ëmgesat gi sinn. Den Historique vun de Projete konnt aus zäitleche Grënn net berücksichtegt ginn,

obwuel dat e wichtegt Element ass, fir e Projet a senger Gesamtheet ze verstoen. Den Evaluateur huet duerno fir all Projet eng sougenannte „Synthèse d'évaluation" gemaach, déi de Projet op Basis vu fënnef Critère beschreift:




Wéi wichteg ass de Projet aus lokaler Sicht, wéi efficace ass de Projet zäitlech an am Detail ëmgesat ginn, wéi effizient ass de Projet, dat heescht wéi ass d'Relatioun vun de Käschten zum Notzen, wéi grouss ass den Impact fir d'Leit, a schlussendlech wéi gesäit et mat der Durabilitéit vum Projet aus, dat heescht, ass de Projet laangfristeg ouni d'AMU iwwerliewensfäheg.

Sou ass zum Beispill fir eise Projet „Esperando Suenos" an de Slums vu Buenos Aires festgestallt ginn, dass de Critère „Durabilitéit" vun dësem Projet schwiereg ass, well déi lokal Politik zu Buenos Aires nach keng regelméisseg Geldmëttel fir de Fonctionnement vun eisem Jugend-Zentrum zur Verfügung stellt. Hei wäert et sécher nach eng Rei schwiereg Joere ginn, wou eise Partner muss permanent kucken, fir iwwert verschidde Kanäl Geldmëttel ze fannen. Bei eisem Solar-Projet an Tansania ass de schwaache Punkt éischter de Critère „Effizienz" well dëst e relativ deiere Projet ass, an duerch déi komplex technesch Komponent hate mir och eng Rei Problemer, bis dat Ganzt ouni Problem fonctionnéiert huet. Bei der Pédiatrie an Tansania huet den Evaluateur eis quasi eng Bonnenote ausgestallt. Dat huet allerdings och domatt ze doen, datt dëst eng Constructioun ass, an esou Projeten eigentlech och méi einfach ze geréiere sinn.

Als Conclusioun huet den Evaluateur Recommandatioune gemaach, déi dann och am Ofschlossbericht festgehale gi sinn. Tëschent der AMU, dem Evaluateur an dem MAE war dann eng Ofschlossréunioun, wou zesumme festgehaale gouf, wéi eng Recommandatiounen zréckbehale ginn, an a wéiengem Zäitraum se vun der AMU ëmgesat kënne ginn. Eng vun de wichtegste Proposen ass déi vun nach méi enger strukturéierter Risiko-Gestioun. Esou kënne schonns beim Plange vun engem Projet entspriechend Mesuren ageplangt ginn, fir eventuelle Problemer ëntgéintzesteiren. Hei hu mir ganz kuerzfristeg eng nei Approche fir d'Risiko-Gestioun ëmgesat. Eng aner wichteg Recommendatioun besteet doranner, fir nach méi eng detailléiert Projekt-Struktur ëmzesetzen déi da synchron mat de Rapporte fir de MAE verleeft. Esou kann d'Arbecht fir eise Büro méi effizient organiséiert ginn. Hei ass den CA zesumme mam Büro amgaangen ze kucken, wéi mir eis an dem Beräich kënne besser organiséieren.

D'Evaluatioun vun eiser ONG war schlussendlech ee ganz interessanten Exercice bei dem mir vill geléiert hunn an deen eis et erméiglecht huet, duerch en externe Bléck, eng Rei vun nëtzlechen Iddien ze kréien, déi mir Schrëtt fir Schrëtt wëllen ëmsetzen. Schlussendlech ass et och nach wichteg fir eis Donateuren, fir ze gesinn, dass eis ONG extern evaluéiert ginn ass, dass d'Geldmëttel korrekt verwalt an investéiert ginn an dass mir bereet sinn, Recommandatiounen opzehuelen fir d'AMU och an d'Zukunft eran nach besser opzestellen.

Claude Metz

## *... Port-au-Prince en Haïti*

Projekt 2012-2014

**Construction d'une école fondamentale à Rivière Froide – Carrefour – Port-au-Prince**

**Budget alloué au projet:** € 381.663,20

**Cofinancement selon contrat du 29.03.2012**

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois (85%) :** € 324.413,72

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl :** € 22.380,00

**Contribution de l'Action Avenir Haïti asbl:** € 34.869,48

**Partenaire local à Port-au-Prince:** Action Avenir Haiti (AAH)

Au milieu d'un quartier en pleine expansion, une nouvelle construction marque l'image de la contrée. Le bâtiment en bois de l'école «le Réformiste», attire les regards et donne de nouvelles opportunités aux habitants de la zone. La bibliothèque a été mise en place, le cybercafé a été installé, une salle de réunion équipée de matériel multimédia ouvrira bientôt, tout sera accessible pour les élèves et les citoyens intéressés.

A l'occasion de l'inauguration en avril, le maire de la ville de Carrefour a souligné l'importance de la collaboration entre l'ONG et les autorités. Il soutient le projet et a proposé dans la mesure du possible de suivre un partenariat avec Action Avenir Haïti.

Maintenant les élèves de l'école sont fiers de leur uniforme et ils sont très contents de pouvoir poursuivre leurs études dans l'école la plus moderne du quartier.

Les plus fiers, ce sont les ouvriers qui ont terminé avec rigueur les travaux de la façade et la pose des portes et des fenêtres. Ils en ont profité pour apprendre de nouvelles techniques qu'ils ont su mettre en pratique de façon très autonome.

Le bâtiment est fonctionnel, il manque encore quelques travaux de finition et de peinture. L'achat de mobilier et de divers équipements reste à faire.

Rob Theisen





## ... à Buenos Aires en Argentine

Projet 2011-2014

**Développement du Centre communautaire « Esperando Sueños » dans le quartier Villa Albertina à Buenos Aires**

**Budget alloué au projet :** € 115.740,20

**Cofinancement selon contrat du 26.10.2011**

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 77.160,13

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl :** € 38.580,07

**Partenaire local à Buenos Aires :** Association Civil Nuevo Sol

Ufank Abrëll waren de Claude Metz an ech mat zwee vun eise Kanner an Argentinie geflunn, fir eise Projet „Esperando Sueños" z'evaluéieren. Bei där Geleenheet hate mer d'Chance dräi Leit vu „Suma Fraternidad" (www.sumafraternidad.org) kennenzeléieren, enger Organisatioun déi d'lescht Joer an d'Liewe geruff gouf, fir sämtlechen Organisatiounen aus Südamerika, déi der Fokolarbewegung nostinn een technesche Support ze ginn an hinne beim Ausschaffen an der Administratioun vun hiere Projeten ze hëllefen. Dat schéngt eis een interessante Partner oder Vermëttler ze sinn fir zukünfteg Projeten op dem Kontinent ze realiséieren.




No engem häerzlechen Empfang vun de Responsable vun „Esperando Sueños" hu mer eis iwwert de Succès an d'Schwieregkeete vu sou enger Organisatioun ënnerhal. Um Niveau vun der Infrastruktur ass alles sou wäit erledegt, bis op e puer Detailer, déi nach musse geregelt ginn.

Den allgemengen Androck vun deem Quartier vu Buenos Aires ass éischter triste: vill Stroosse sinn net asphaltéiert a voller Bulli wann et reent, vill Onuerdnung, Dreck an Haiser déi aus ganz precaire Materiale gebaut sinn... A grad dofir ass et positiv ze gesinn, wéi wichteg déi Aarbecht mat dene Jugendlechen do ass. Ganz engagéiert Personal bitt eng Rei Atelieren un, am sportleche Beräich: Fussball, Handball, Volley; donieft, schoulechen Appui fir den Echec scolaire ze reduzéieren, Computercouren, Musik- a Kreativitéitsatelier, gesond Ernährung. Nieft dene Jonken gëtt och probéiert di ganz Famill matanzebezéien.

D'Haaptschwieregkeet déi mer festgestallt hunn ass déi laangfristeg Finanzéierung, well déi argentinesch Politik nach net déi néideg Ënnerstëtzung garantéiert, d'Famill selwer kee Bäitrag ka leeschten, well si di Mëttelen net hunn, a vill vun sou ähnleche Strukturen hu leider mussen am Joër 2013 zoumaachen. Duerch „Soutien à distance" konnt awer an eisem Projet de Weiderverlaf garantéiert ginn an d'Associatioun gëtt net midd stänneg no neie Finanzmëttelen ze sichen.

No eiser Visite zu Buenos Aires ware mir och an den Norden op Santa Maria di Catamarca luussen wéi et an eisem Projet „Escuela Aurora" weidergaang ass, deen 2010 erfollegräich ofgeschloss gouf. Mir wore ganz beandrockt ze gesinn wéivill Liewe rondrëm an duerch di Schoul entstan ass. Eng 20 Responsabel an Enseignants hu sech mat eis getraff an der AMU hier Dankbarkeet ausgedréckt, fir hinnen dee Projet z'erméiglechen. All Joer fänken eng 100 Schüler eng dräijähreg Ausbildung un am Beräich vun der Oprechterhalung vun der Kultur vun de Calchaquí Indios mat prakteschen Atelieren iwwer Wiewen, Keramik, Metallkonscht,...



Bal 100% vun de Schüler packen hier Ausbildung a kënne sech selbstänneg maachen an domat hiere Liewensënnerhalt garantéieren. Ee vun de Friichte vun der Escuela Aurora ass z.B. den Atelier „Tinku Kamayu" wat an der Indiosprooch bedeit „Zesummekomme fir ze schaffen". Hei si mëttlerweil eng 15 Fraen beschäfegt, fir Woll ze verschaffen: spannen, wiewen, Kleeder an Accessoire bitzen an e klenge Buttek ze bedreiwen. Dëst setzt ee wertvollt Zeechen an enger Gesellschaft wou dach Alkoholismus a Machismus staark verbreet sinn. Déi hoffnungsvoll Geschichten déi mer vun dene Frae verzielt kritt hunn, hunn eis staark beandrockt!

Allgemeng war et eng Reess mat ganz villen Andréck, besonnesch och fir eis Kanner. Déi ongerecht Verdeelung op eisem Planéit ass hinne méi bewosst, an a klenge Schrëtt probéiere si och hiere Beitrag ze ginn. Als Challenge wëlle si och ee Parrainage vun engem Kand vu Buenos Aires an Zukunft iwwerhuelen andeems si op ee klengt Stéck vun hierem Iwwerfloss verzichten. Mir si frou, dass mir dës Erfahrung zesumme maache konnten.

Marianne Harpes



## … à Montevideo en Uruguay

Projet 2011-2014

**Construction du Centre de formation «Alberto Fernandez» et lancement d'un programme de formation dans le cadre du centre d'assistance sociale «Nueva Vida» à Montevideo**

**Budget alloué au projet :** € 144.994,90

**Cofinancement selon contrat du 03.11.2010**

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 96.663,27

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl:** € 48.331,63

**Partenaire local à Montevideo :** CO.DE.SO

C'était autour de Noël 2013 que Claude et Brigitte, Jim et Joanna Steichen ont visité le centre d'accueil « Nueva Vida » au quartier pauvre «Barrio Borro» à Montevideo. Le projet que l'Action pour un Monde Uni suit depuis plusieurs années couvre les activités suivantes:

• Enseigner aux adolescents des valeurs sociales et humaines à travers des cours de formation et des ateliers.

• Offrir aux adolescents des formations professionnelles en gastronomie afin de leur permettre de trouver un emploi par après.

• Créer un local adéquat pour ces activités.

L'objectif de cette visite était d'évaluer ensemble avec le partenaire l'état d'avancement des activités menées, de discuter les imprévus apparus et de se mettre d'accord sur les activités et dépenses de la dernière année de projet.

Nous avons constaté que la façon dont se présente le centre a beaucoup évoluée depuis le début de la collaboration entre les deux ONGs en 2004. Toutes les salles sont bien ordonnées et bien structurées. Le centre est très propre et l'infrastructure nous a paru être bien entretenue. De plus, nous avons remarqué qu'il y a eu très peu de changements au niveau du personnel depuis plusieurs années, ce qui peut s'expliquer par atmosphère de travail agréable.

Globalement la situation de l'Uruguay s'est améliorée suite aux efforts nécessaires pour sortir de la crise de 2002. Le gouvernement ainsi que la Ville de Montevideo ont lancé de nombreux projets afin de soutenir la population défavorisée du pays. Ils ont commencé à investir notamment dans une infrastructure publique non seulement dans les quartiers normaux/riches mais aussi dans les bidonvilles. Les routes ont été améliorées, certains hôpitaux/infirmeries ont été réalisés dans les quartiers pauvres, des aires de jeux pour enfants ont été mises en place.

Sur notre question, est-ce que Nueva Vida a encore besoin d'un appui d'une ONG du Nord pour lancer des projets, Luis Mayobre (le Directeur de Nueva Vida) répond:

«Nueva Vida dispose de trois conventions pour le Club de los Niños, le Centre Juvenil et le Centre Caif avec l'institut de l'État concerné (INAU). Ces conventions correspondent à une base solide pour le Centre Nueva Vida. Ces conventions ont été élaborées au moment de la reprise du centre Nueva Vida par l'ONG locale CO. DE. SO. en 2000, c.-à-d. en pleine crise. Aujourd'hui, le centre s'est beaucoup développé avec l'aide de AMU Lux et AMU Italie et d'autres donateurs, mais les conventions sont restées les mêmes. Tous les deux à trois mois une réunion de concertation entre les ONG's travaillant dans les quartiers pauvres et l'INAU a lieu. Il existe donc une bonne communication entre les acteurs sur le terrain et l'administration. Cependant, il n'existe aucun institut auquel s'adresser pour présenter un nouveau projet. Si donc, le centre Nueva Vida veut se développer ou s'agrandir d'avantage, ils sont tenus de trouver des bailleurs de fonds qui soutiennent de nouveaux projets pendant un certain temps. Ce n'est que par après que les résultats sont discutés avec l'INAU et qu'une décision est prise sur une augmentation des fonds pour la reprise d'une activité.»

Claude Steichen



## Wat ass geplangt ?

- Eis Assemblée Générale ass dëst Joer freides den 27. Juni zu Fëlschdref. Des Kéier presentéiert d'Marianne Metz-Harpes hier Visite vun 2 Projet'en an Argentinien.

- Een afrikaneschen Nomëtteg an Zesummenaarbecht mat der Focolarebewegung ass fir sonndes den 21. September 2014 um 16:00 Auer geplangt. Weider Informatiounen fannt dir virdrun op eisem Internet Site.

- Aktioun Pappendag zu Fëlschdref am Buttek Mosaik: Mir proposéieren eng Wäin-Degustatioun mat Südamerikanesche Wäiner, freides den 03. Oktober 2014 ab 18:30.

- Enn Oktober fënnt zu Roum een Treffen tëschent AMU Portugal, AMU Italien an AMU Lëtzebuerg statt, een Treffen wat bestëmmt nei Horizonter erblécken léist…



## … à Conakry en Guinée

Projet 2013-2015

**Soutien au développement du programme Dream de lutte contre le SIDA en République de Guinée**

**Budget alloué au projet :** € 473.374,40

**Cofinancement selon contrat du 11.03.2013**

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 315.582,93

**Action pour un Monde Uni :** € 104.791,47

**Contribution Sant'Egidio Luxembourg:** € 53.000

**Partenaire local :** Sant'Egidio ACAP Guinée

Bien qu'elle présente des taux d'infection au VIH plus bas que d'autres pays d'Afrique subsaharienne, la Guinée souffre néanmoins d'une épidémie généralisée. Les services sanitaires présents sur le territoire, pour faire face à l'infection, ne sont pas encore suffisants. De nombreuses zones du pays ne sont pas couvertes par la thérapie antirétrovirale. Au niveau du diagnostic de la maladie, il existe aussi encore beaucoup de carences. Sant'Egidio a lancé le programme DREAM (Drug Resource Enhancement against Aids and Malnutrition) en 2006, à Conakry, la capitale. Aujourd'hui, plus de 3.000 patients reçoivent une assistance médicale et le traitement antirétroviral.

Le laboratoire de Conakry réalise les analyses sanguines de suivi pour les trois centres: 5.598 examens CD4 (2 examens/an sauf cas particuliers) et 3.259 examens de charge virale ont été effectués. Il s'agit des deux paramètres les plus importants pour suivre l'évolution de la maladie: CD4 (cellules des globules blancs présentes dans le sang qui doivent augmenter) et charge virale (quantité du virus VIH présent dans le sang, qui doit diminuer).

François Delooz



## … à Kinshasa au Congo

Projet 2014-2017

**Construction et équipement d'une maternité et d'une pédiatrie à Kinshasa en RDC**

**Budget alloué au projet :** € 409.559,87

**Cofinancement selon contrat du** 30.05.2014

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 273.039,91

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl:** € 92.519,96

**Partenaire local :** € 44.000,00

**Partenaire local :** AECOM (Association pour l'Economie de Communion)

Comme certains d'entre vous le savent déjà, depuis un certain temps l'équipe de l'AMU travaille sur un nouveau projet de construction d'une maternité et de l'approvisionnement en matériel d'un service de pédiatrie à Kinshasa.

Vous connaissez certainement encore le centre médical «MOYI MUA NTONGO» qui veut dire levée du soleil. En 2007, «Action pour un Monde Uni» a déjà financé le réaménagement d'un bâtiment supplémentaire comme centre de dépistage volontaire du SIDA et soins divers du centre médical.



La demande de cofinancement pour la maternité a été remise au Ministère début avril dernier. Ce projet prévoit la construction et l'équipement d'une maternité et l'approvisionnement en matériel d'un service de pédiatrie afin de mettre fin à l'insuffisance de la capacité d'accueil de centre médical existant. Actuellement, toutes les femmes enceintes qui suivent la consultation prénatale à «MOYI MUA NTONGO» doivent aller accoucher dans les centres hospitaliers les plus proches. Environ 10 femmes sont transférées chaque mois auprès d'autres structures pour l'accouchement avec risque des complications mortelles.

En offrant des soins de qualité, ce projet a pour objectif la réduction de la mortalité maternelle et infantile. Concrètement il s'agit:

- de construire un bâtiment d'un étage sur 650 m²;
- d'installer la maternité au rez-de-chaussée et la pédiatrie au premier étage avec 23 locaux et 15 lits;
- d'équiper les locaux avec le matériel médical spécifique.

Seulement quelques jours après l'accord du MAE, nous avons eu la chance d'accueillir ici au Luxembourg le Dr Arthur Ngoy, gynécologue, et médecin en chef de ce centre.



Dr Ngoy qui était chef de service dans le grand hôpital St Joseph de Kinshasa a eu le courage de renoncer à cette belle carrière pour s'engager dans le centre médical «MOYI MUA NTONGO» encore assez modeste. Décision à contre-courant, pas facile à comprendre par son entourage, mais après quelques années, Dr Ngoy affirme être certain d'avoir fait le bon choix.

Notre hôte, appelé Arthur par ses amis, nous a ramené une statue en bois représentant une femme congolaise qui porte son nouveau-né sur le dos. Cette femme, se lève vers trois heures du matin, elle prend sa houe pour aller travailler dans les champs. Son bébé reste avec elle toute au long de la journée afin qu'elle puisse l'allaiter selon les besoins. Avant de rentrer à la maison le soir, elle passe prendre de l'eau à la source et elle ramène cette eau pour donner à boire à sa famille.

Arthur nous explique que si cette femme vient à manquer dans une famille, toute la famille est déstabilisée et bien souvent les enfants sont traités de sorciers et socialement exclus.

Des statistiques récentes montrent qu'en République Démocratique du Congo environ 550/100.000 femmes meurent lors de l'accouchement, soit deux femmes meurent chaque heure pour des causes évitables! Un accouchement n'est donc nullement sans risque dans ce pays. En tant que gynécologue, Dr Ngoy a pour ambition de s'engager tant qu'il peut afin de diminuer ces mortalités, aussi bien maternelle qu'infantile. Il faut savoir qu'actuellement en RDC un enfant sur six n'atteint pas l'âge de cinq ans et le temps juste après la naissance reste un moment très délicat. La zone de santé où se trouve le centre médical compte plus de 500 000 habitants. C'est l'unique aire de santé où on ne trouve pas un hôpital de l'Etat d'où la difficulté qu'éprouve la population pour avoir des soins adéquats.

Le Dr Ngoy a remercié de tout cœur l'AMU, tous les donateurs et les nombreuses personnes qui s'investissent pour soutenir ce projet.

Différents moments forts ont caractérisé cette courte visite, notamment deux rencontres avec des enfants qui travaillent pour soutenir cette construction et la remise du chèque du déjeuner international organisé par les Jeunes pour un Monde Uni.

Notre ami congolais est impressionné par l'engagement des personnes rencontrées ici et nous sommes touchés par la réalité qui se vit à Kinshasa et par le don de soi du personnel du centre médical. Ces quelques heures nous confirment combien nous travaillons, ici et là-bas, pour la même cause.

Josiane Hoffmann

## Comment soutenir nos actions ?

Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de

Action pour un Monde Uni
BIL: LU14 0021 1349 0900 0000
CCPL : LU83 1111 1287 6344 0000

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

## … à Kagunguti en Tanzanie

Projet 2011-2014

**Construction et équipement du centre pédiatrique à Kajunguti**

**Budget alloué au projet :** € 112.962,70

**Cofinancement selon contrat du** 04.09.2012

**Contribution du Gouvernement luxembourgeois :** € 75.308,47

**Contribution de l'Action pour un Monde Uni asbl:** € 37.654,23

**Partenaire local:** Sisters of St. Therese



Début mars, je suis partie avec Carmo De Almeida à Kajunguti en Tanzanie pour assister à l'inauguration de la pédiatrie. Nous avons pu constater que les 5 chambres avec 26 lits, les salles de soin, les sanitaires... sont propres, bien faits et fonctionnels.

L'inauguration de la pédiatrie était un moment très beau et solennel: Les enfants de l'école des sœurs chantaient; il y avait des patients, des représentantes du village, le personnel de l'hôpital, un représentant du gouvernement local, la supérieure des sœurs…

Les contacts avec les personnes étaient très chaleureux et ils nous ont demandé de couper le ruban, de visiter la pédiatrie… et il y a eu des discours et des remerciements.

Sr Hyasinta m'a demandé de parler en allemand (avec la traduction en swahili de Manfred, notre collaborateur tanzanien), afin que chacun des présents pouvait comprendre. Après la mise en valeur de l'excellent travail réalisé à Kajunguti et les remerciements aux sœurs et à tous les présents, j'ai essayé de leur transmettre toute la sympathie de l'AMU et du Luxembourg. L'engagement de nombreuses personnes et surtout des enfants au Luxembourg a beaucoup touché l'assemblée.

Les soeurs feront encore les dernières finitions avant de pouvoir accueillir les premiers patients

Josiane Hoffmann



## Contact Action pour un Monde Uni

Siège social / Bureau :
11, Kiirchestrooss
L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
mardi à jeudi toute la journée
Téléphone : 26 67 12 61 – Fax : 23 67 63 75
E-mail : info@amu.lu
Site internet : www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni

## Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Robert Kremer (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Marie-Thérèse Kremer (membre), Marianne Harpes (membre), Marie-Anne Thommes (membre), Claudine Stein (membre), Christiane Stein (membre),
Josiane Hoffmann et Claude Steichen (gestionnaires de projets)